

COURS D'ACCUEIL

Wat ass dat?



1. Cours d'accueil: Wat ass dat?

De Cours d'accueil ass een intensive Sproochecours. D'Kand gëtt fir d'éischt mat Däitsch oder Franséisch familiariséiert, fir datt et d'Enseignanten an déi aner Kanner versteet an sech ausdrécke kann.

D'Ziler vum Cours d'accueil sinn, dem Kand, wat nei ukënnt, genuch Däitsch- an /oder Franséischkenntnisser mat op de Wee ze ginn, fir kënnen a senger Reegelklass matzeschaffen. D'Kand gëtt vum Direkter an eng Reegelklass ageschriwwen a mécht hei, souwäit et méiglech ass, all d'Fächer mat.

Am Cours d'accueil gëtt mat enger Sprooch ugefaangen (Däitsch oder Franséisch), jee no Virkenntnisser, Schoulparcours, Éischtsprooch an Alter). Eréischt, wann d'Kand déi nei Sprooch ganz an der Reegelklass matléiert, kann déi zweet Sprooch am Cours d'accueil ugefaange ginn.

D'Dauer vum Cours d'accueil ass ganz individuell a verschidden.

2. Wat muss gemaach ginn, wann e Kand, wat nei ukënnt, an der Gemeng ugemellt gëtt?

All Informatiounen (Certificat de résidence / Aschreibungsformulaire) vum Kand a vun der Famill gi vun der Gemeng virugeleet:

- **un den Titulaire vum Cours d'accueil,**
- **un den Dirkeker, den Adjoint vum Direkter an un de President vun der Schoul.**

Den Titulaire vum Cours d'accueil mécht Tester (an der Éischtsprooch an an der Mathé) mam Kand. Hien ënnerhëlt mam Accord vum Direkter déi néideg Schrëtt, datt d'Kand esou séier wéi méiglech an eng Reegelklass ageschriwwen gëtt.

3. Wéi verleeft den éischte Kontakt mat der Famill a mam Kand?

Den Titulaire vum Cours d'accueil organiséiert en éischt Gespréich, dacks mat der Ënnerstëtzung vun engem interkulturelle Mediateur. Hie kennt eise Schoulsystem, wéi och d'Sprooch an d'Kultur vum Kand.

Am Elteregespréich gëtt de Lëtzebuerger Schoulsystem erkläert. D'Sproochenentwécklung vum Kand, säi schoulesche Parcours a seng Kompetenzen, déi et schon erreicht huet, gi festgehalten (*Fiche d'arrivée*).

4. A wéi eng Reegelklass kënnt d'Kand ?

D'Wiel vun der Reegelklass gëtt no folgende Krittäre getraff: Virkenntnisser (Tester an der Éischtsprooch an an der Mathé), Schoulparcours an Alter vum Kand.

Z. B.:

- Kanner tëschent 6 a 7 Joer, déi schonn an hirer Éischtsprooch alphabetiséiert gi sinn, ginn an de Cycle 2.2 integréiert.
- Kanner, déi am September am Cycle 2.1 ufänken, ginn net an de Cours d'accueil.

5. Wat versteet een ënnert enger Phase silencieuse ?

Déi éischt Zäit an der Schoul ass fir d'Kand net einfach. Alles ass nei, an d'Kand muss sech lues a lues sozial a schoulesch erëmfannen.

Eng *Phase silencieuse*, wou d'Kand wéineg oder guer net schwätzt, ass normal a ka bis zu dräi Méint daueren.

6. Wat versteet een ënnert der Integratiounsphas ?

An der Sprooch, déi am *Cours d'accueil* geléiert gëtt, gëtt d'Kand progressiv an d'Reegelklass integréiert. Wann d'Kand an där Sprooch an enger oder méi Kompetenzen den Niveau vum *Socle d'intégration* erreicht huet, fänkt d'Integratiounsphas un.

D'Kand ass an der Integratiounsphas, wann et scho stonneweis um Sproochenunterricht an der Reegelklass deelhuele kann. D'Stonnenzuel am *Cours d'accueil* gëtt esou progressiv ofgebaut. D'Plange vum Sproochecours, sou wéi och d'Evaluatioun vum Kand senge Kompetenzen, maachen den Titulaire vun der Reegelklass an den Titulaire vum Cours d'accueil vun elo un zesammen, bis d'Integratioun an alle Kompetenzen erreicht ass.

7. Wéi gëtt am Cours d'accueil evaluéiert ?

Fir de *Cours d'accueil* si spezifesch Dokumenter ausgeschafft ginn:

- Bilans d'apprentissage pour les cours d'accueil (bilan des compétences)
- Niveaux de compétence pour les cours d'accueil

D'Inhalter sinn am Plan d'études du cours d'accueil festgehalten.

8. Wéi gëtt d'Kand an de Secondaire orientéiert ?

Fir d'Orientatioun kënnen Kanner, déi am Laf vum Cycle 4.2 nei ukommen, am CASNA (*Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants*) vum Educatiounsministère Tester an der Mathé an an der Éischtsprooch maachen.

Kanner, déi méi wéi ee Schouljoer am Land sinn, sollen d'Orientatiounstester an der Reegelklass matmaachen.

9. Wat fir Klassen ginn et fir Kanner, déi Franséisch an/oder Däitsch net beherrschen ?

A verschidde Lycéeë ginn et am:

Enseignement secondaire général

- Classes d'insertion mat Däitsch oder Franséisch als Haaptprooch
- Classe d'accueil
- Classes de mise à niveau
- Classes à langue véhiculaire F

Enseignement secondaire classique:

- Classes de mise à niveau
- Classe à langue véhiculaire F

Déi detailléiert Offer gëtt an der Broschür

L'orientation vers l'enseignement secondaire erkläert.

An deem Kader gëtt all Joer, Ufank 2. Trimester, eng [Formatioun](#) ugebueden.

Méi Informatiounen ginn et um SECAM: Tel.: 247 76570

Email: secretariat.secam@men.lu

10. Iwwer wéi eng Punkte concertéiere sech den Titulaire vum Cours d'accueil an den Titulaire vun der Regelklass?

Eng gutt Zesummenaarbecht tëscht den zwee Titulaires ass ganz wichteg. Dozou gehéieren:


- Reegelméisseg Austausch iwwert dem Kand seng sozial a schoulesch Integratioun;
- Austausch iwwert d'Progressioun an d'Evaluatioun vum Kand;
- Austausch zum Iwwergank vun der Grondschoul an de Lycée;
- E gemeinsame Kontakt mat den Elteren.

11. Wéi eng Forme vum Cours d'accueil ginn et ?

- Cours d'accueil fixe: den Titulaire schafft an enger Schoul.
- Cours d'accueil mobile: den Titulaire ass zoustänneg fir méi Schoulen.

12. Wou fënnt ee méi Informatiounen ?

- Accueillir et intégrer - Guide pédagogique pour enseignant de l'école fondamentale: <http://edulink.lu/ala>
- SECAM site: <http://portal.education.lu/secam/Fondamental>
- Weiterbildungsméiglechkeeten: IFEN www.ifen.lu
SECAM <http://portal.education.lu/secam/Formation-continue>
- Permanence am Ministère: <https://portal.education.lu/secam/Bibliothèque-SECAM> (Tel.: 247 85207 Eric Anen)
- Médiateurs interculturels: <https://portal.education.lu/secam/Médiateurs> (Tel.: 247 85909 Elida Adrovic)
- Multiplicateurë vum Cours d'accueil: <https://portal.education.lu/secam/Fondamental/Cours-daccueil-CA/Rôle-des-multiplicateurs>



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse